

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
 - M. Fernand Etgen, Président
2. Communications
 - M. Fernand Etgen, Président
3. 7503 - Proposition de loi portant modification
 - 1° de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil
 - 2° du Code civil
 - Déclaration de recevabilité : M. Fernand Etgen, Président
4. Ordre du jour
 - M. Fernand Etgen, Président
5. Changement de composition d'une commission parlementaire
 - M. Fernand Etgen, Président
6. 7500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2020 et modifiant :
 - 1° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;
 - 2° la loi du 27 juillet 1938, portant création d'un fonds de réserve pour la crise ;
 - 3° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;
 - 4° la loi modifiée du 10 mars 1969 portant institution d'une inspection générale des finances ;
 - 5° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;
 - 6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs ;
 - 7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant
 - a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;
 - b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;
 - c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;
 - 8° la loi électorale du 18 février 2003 telle que modifiée ;
 - 9° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;
 - 10° la loi modifiée du 29 avril 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 ;
 - 11° la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;
 - 12° la loi du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile ;
 - 13° la loi du 10 août 2018 portant organisation de l'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA

et

7501 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2019-2023

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. Yves Cruchten (dépôt de la résolution 1)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; M. Romain Schneider, M. Pierre Gramegna, M. Dan Kersch, M. Marc Hansen, Mme Sam Tanson, Mme Taina Bofferdig, M. Lex Delles et M. Henri Kox, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maa-chen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre.**- Neen, Här President.

2. Communications

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech hu foll-gend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1. D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro de-ponéiert.

2. D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

3. D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

Communications du Président - séance publique du 17 décembre 2019

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Le projet de règlement grand-ducal et le projet de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

7504 - *Projet de règlement grand-ducal relatif à la participation du Luxembourg à la Mission multidimensionnelle intégrée des Nations Unies pour la stabilisation au Mali (MINUSMA)*

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Défense, le 11.12.2019

7505 - *Projet de loi portant approbation de l'avenant, fait à Luxembourg, le 10 octobre 2019, à la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française en vue d'éviter les doubles impositions et de prévenir l'évasion et la fraude fiscales en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le protocole y relatif, faits à Paris, le 20 mars 2018*

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 16.12.2019

3) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées :

1458 - *Demande de pétition publique : Congestion Charge/Citymaut for Luxembourg*

Dépôt : Benedikt Wilbertz au nom de Congestion Charge for Luxembourg, le 10.12.2019

1459 - *Demande de pétition publique : Promouvoir les agents de sécurité du service public*

Dépôt : Quentin Krier, le 12.12.2019

1460 - *Demande de pétition publique : Construction du grand ring de Luxembourg ville + 25 km à quatre voies Rodange-Mersch-Remich-Dudelange en une heure en prévision du Luxembourg 2060 à un million d'habitants*

Dépôt : Florent Vazquez, le 13.12.2019

1461 - *Demande de pétition publique - Beem planzen als Alternativ zur CO₂-Steier*

Dépôt : François Zeien, le 14.12.2019

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. 7503 - Proposition de loi portant modification

1° de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil

2° du Code civil

Déclaration de recevabilité

An hirer Reunioun vum 12. Dezember 2019 huet sech d'Presidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech ëm d'Proposition de loi 7503 iwwert déi implizitt Weiderféierung vum Bail, déi den 10. Dezember vum Här Marc Goergen deponéiert gouf.

Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Presidentekonferenz un, d'Proposition de loi 7503 als recevabel ze erklären?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. Ordre du jour

Den Ordre du jour, sou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

5. Changement de composition d'une commission parlementaire

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen ubelaangt, hunn ech foll-gend Ofännerung vun der Fraktioun vun deene Grénge matgedeelt kritt: An der Commission de la Fonction publique ersetzt d'Madamm Chantal Gary den Här Marc Hansen.

Ass d'Chamber mat dëser Ännerung averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

6. 7500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2020 et modifiant :

1° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;

2° la loi du 27 juillet 1938, portant création d'un fonds de réserve pour la crise ;

3° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

4° la loi modifiée du 10 mars 1969 portant institution d'une inspection générale des finances ;

5° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;

6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs ;

7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant

a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;

b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;

c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;

8° la loi électorale du 18 février 2003 telle que modifiée ;

9° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;

10° la loi modifiée du 29 avril 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 ;

11° la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;

12° la loi du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile ;

13° la loi du 10 août 2018 portant organisation de l'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA

7501 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2019-2023

Mir kommen elo zum Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Projet de loi 7500 vum Staatsbudget fir d'Joer 2020 an iwwert de Projet de loi 7501 iwwert déi finanziell Programmation fir d'Joren 2019 bis 2023. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Yves Cruchten.

Här Yves Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.**- Villmools Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Hären, léif Kolleegen, dësem Rapport iwwert déi zwee Gesetzer vum Budgetsprojekt fir den Exercice 2020 an deem vun der Programmation pluriannuelle fir d'Period vum 2019 bis 2023 goungen eng sëllege Sëtzungen vun der Finanzkommissioun viraus.

An net manner wéi 15 Sëtzungen huet sech dës Kommissioun an de leschte Méint mam Budget befaasst, ier se de leschte Freideg dee schrëftleche Rapport majoritär ugeholl huet. Selbstverständlech goufen an där Kommissioun ganz vill Aweise gekuckt, och selbstverständlech dee vum Staatsrot. Mir konnte fir allegueren déi Froen, déi sech an deem Kader gestallt hunn, eng Solutioun fannen, soudass mer haut de Rapport kënnen presentéieren an dës Woch dann an der Chamber unhuelen.

Eng ganz Rëtsch vu Verwaltungen hunn eis och an de leschte Wochen hir Vuë vun an iwwert déi ëffentlech Finanzen matgedeelt. Dernieft hunn ech als Rapporteur nach vill bilateral Entrevuë gehat, virun allem mat Vertrieeder aus der Zivilgesellschaft.

Hinnen allegueren wéilt ech hei direkt am Ufank vu menger Ried e grouse Merci soe fir hir Disponibilitéit an hir Meenungen, hir Iddien a Virschléi, vun deenen der och eng ganz Rëtsch hiren Néierschlag a mengem schrëftleche Bericht fonnt hunn.

Wéi gewinnt wéilt ech mäi Rapport an zwee Hauptdeeler splécken: éischtens d'Appreciation vun der finanzieller Situatioun vum Staat, mat enger Analys vun de Recetten an Depensen, déi virgesi sinn, an zweetens e méi perséinlechen Deel, an deem ech mech méi speziell mam Thema vum PIB du bien-être wéll beschäftegen, der Situatioun vun de Leit am Generellen an den Onglächheeten am Speziellen.

Virausschécke wéll ech awer direkt, dass ech weeder a mengem schrëftlechen nach a mengem mündlechen Rapport déif gräifend op dat groust Thema vum Klimawandel aginn. Net well ech dee Sujet géif als onwichtig betruechten, am Contraire! D'Bekämpfung vum Kli-



mawandel an d'Erhale vun enger gesonder Ëmwelt sinn och fir mech zwou vun den zentralen Aufgaben, deene sech d'Politik an deenen nächste Jore muss stellen. Mee zu deem Zäitpunkt, wou de Budget presentéiert gouf, waren d'Moosname weeder bekannt nach chiffriert, déi d'Regierung wëlle huet an deem Beräich ze huelen.

Et ass nëmmen iwwerdeems wou dëse Rapport ausgeschafft gouf, dass um Klimapak geschafft gouf. Glécklecherweis, muss een awer soen, kréie mer nach dës Woch d'Geleeënheet, fir iwwert de Klimaplang hei an der Chamber laang a breet ze diskutéieren.

Et ass awer interessant, dass de Finanzminister eng Opstellung gemaach huet vun deenen Investissementen, déi mer haut schonn an den Ëmweltschutz respektiv an de Klimaschutz stiechen. Zesummegeholl ginn déi vun 2019 op 2020 vu 479 op iwwer 500 Milliounen erop a wuessen och duerno nach bis iwwer 660 Milliounen Euro am Joer 2023 un.

Dat selwecht gëllt och fir déi ugekënnegt Steuerreform. Dës Reform wëllt gutt virbereet sinn, an déi dräi Koalitionsparteie sinn amgaangen, un dëser Reform ze schaffen, wat si och déi nächst Méint nach wäerte maachen. Well awer och dës Reform nach net chiffriert ass, kann ech als Rapporteur nëmme wéineg dorop agoen. Mäin Nofolger d'nächst Joer wäert sech da wuel kënne méi intensiv mat där doter Thematik beschäftegen.

► **Une voix.** - Jo.

► **M. Yves Cruchten** (LSAP), *rapporteur*. - No-deems ech lech also elo alles opgezielt hunn, wat net a mengem Rapport ass, wëllt ech dann awer ufänke mat enger Analys vun eiser ekonomescher Situatioun.

Eis Ökonomie ass, wéi jiddweree weess, ganz staark ofhängeg vun der ekonomescher Entwécklung am Ausland. Fir d'Weltwirtschaft gesäit de Fonds monétaire international e Wuesstum vun 3,4 % d'nächst Joer vir, e géif domadder lichter zouhuele par rapport zu dësem Joer. Dëst Joer ass de Rhythmus vun der Croissance lichter zrëckgaangen an huet den niddregsten Taux zanter der Finanzkris vu virun zéng Joer erreicht.

Besonnenesch den Handelskrich tëschent den USA a China dréckt op d'Weltwirtschaft. An ech erënneren och drun, dass de Finanzminister bei senger Presentatioun vum Budget hei an der Chamber dësen Handelskrich als Onsécherheetsfactor genant huet, vun deem mer also nach net wëssen, wat fir en Impakt en op eis national Wirtschaft kéint hunn.

Méi no bei eis, an Europa, rechen déi Europäesch Kommissioun mat engem Wuesstum vun 1,4 % souwuel fir d'Joer 2019 wéi fir dat Joer drop. An der Eurozon géif de Wuesstum nëmme bei 1,1 % dëst Joer an 1,2 % dat anert Joer leien.

D'OCDE ass souguer méi pessimistesches a geet fir d'Joer 2020 nëmmen nach vum engem Wuesstum vun 1 % aus. Heidru sinn déi méiglech Auswierkunge vum Brexit mat schold. Déi domadder verbonnen Onsécherheet dréckt op d'Stëmmung vun den Industriellen grad ewéi och déi héich Verschëldung vun eenzelnen Memberstaaten.

Bei eisen direkten Noperen ass et interessant feststellen, dass, während déi däitsch Wirtschaft dohinderpelt mat engem Wirtschaftswuesstum vun 0,4 %, sech déi franséisch Ökonomie erhëlt, déi der Kommissioun no ëm 1,3 % wäert wuessen.

Wat bedeit dat alles fir déi Lëtzeburger Wirtschaft? Mat engem viraussichtlechen Wuesstum vun 2,4 % dëst an d'nächst Joer steet Lëtzebuerg eigentlech gutt do a firt mat am Spëtzeplaton an Europa.

Domat muss mer awer och feststellen, dass eise Wuesstum par rapport zu de vergaangene Jore lichter zrëckgeet. De Wirtschaftswuesstum genee virauszegesinn, ass, wéi mer all Joers heibannen ëmmer erëm bekloen, eng Saach vun der Bal-Onnméiglechkeet. Ze dacks variéieren eis Zuelen en cours de route. Dat ass an enger klenger, oppener Ökonomie wéi eiser och wierklech schwierig, eppes wourop dat de Statoc ëmmer nees hiweist.

Et ass duerfir wichteg, net nëmmen eis eege Projektionen ze kucken, mee och déi, déi vu bause gemaach ginn. Wärend de Statoc also fir d'nächst Joer vum engem Plus vun 2,4 % ausgeet, rechen d'OCDE hirersäits mat plus 2,5 % an d'Europäesch Kommissioun souguer mat 2,6 %. Dës Projektione leien net wäit ausserneen an duerfir kann een eise Finanzminister duerchaus bescheinegen, dass hien e realistesch Budgetsprojekt virgulecht huet.

Den Aarbechtsmaart wäert sech weiderhi positiv entwéckelen, och wann d'Progressioun vun neien Aarbechtsplazen an Zukunft gebremst gëtt a vun 3,7 % op just nach 2 % wäert falen.

Eise Chômagetax, deen haut bei 5 % (veuillez lire : 5,3 %) läit, soll och an deenen nächste Joren niddreg bleiwen a sech ëm déi 5 % halen.

D'Inflatioun leeft eis net fort a pendelt sech a bei 1,7 % fir 2019 respektiv 1,6 % fir dat anert Joer.

All dës Zuele kënne eis zouversichtlech maachen, och wann, ewéi de Finanzminister et betount huet, eng gewësse Virsiicht gebueden ass. Besonnenesch déi international Entwécklung wéi déi, déi ech scho genant hunn, vum Handelskrich tëschent den USA a China a vum Brexit, grad ewéi eventuell Ännerungen am regulatorischen a fiskaleschen Ëmfeld, kënne ganz séier en Impakt op eis Wirtschaft hunn.

Et ass opgrond vun dëse Projektionen, dass de Budget 2020 an och de pluriannuelle Budget opgestallt goufen. Fir d'Period 2020 bis 2022 huet Lëtzebuerg sech op de minimalen Objectif à moyen terme, dee sougenannten OMT vum Volet préventif, festgeluecht, deen d'Europäesch Kommissioun fir eis festleet. Dës minimalen OMT gesäit e strukturelle Sold vu plus 0,5 % vum PIB vir an d'Projektione vum Pluriannuel weisen, dass Lëtzebuerg dës Virgabe wäert largement respektéieren.

Souwuel de Conseil national des finances publiques wéi och d'Europäesch Kommissioun kommen zum Resultat, dass Lëtzebuerg wäert seng festgeluechten Ziler erreechen, nämlech e positive Sold vu plus 0,5 % vum eise PIB. De Solde structurel wäert 2020 bei plus 0,9 % leien an da progressiv bis op plus 1,9 % am Joer 2023 eropgoen.

Am Detail gesäit dat da fir d'Joer 2020 esou aus: Am Zentralstaat gëtt mat engem Defizit vu 640 Milliounen gerechent, woubäi mer wëssen, dass d'Opération comptable vum Militärfleger hei mat 200 Milliounen zu Buch schléit. Bei de Gemenge gëtt mat engem Plus vun 341 Milliounen a bei der Sécurité sociale mat engem Plus vun 1.056.000.000 gerechent.

Wichtig ass hei feststellen, dass d'Trajectoire stëmmt an dass bis 2023 och beim Zentralstaat mat engem positive Resultat vun 158 Milliounen gerechent gëtt.

Wéi gesot, ginn dës Zuele vun der Europäescher Kommissioun begrësst, déi also eise Budgetsprojekt lueft, mee déi sech et awer net ka verknäifen, nach e puer Recommandatiounen drunzehänken. Sou réit si Lëtzebuerg, an d'Digitaliséierung an an d'Innovatioun ze investéieren. Si encouragéiert eis och, eisen nhaltege Verkéier ze verbessern an an d'Offer vu Wunnengen ze investéieren. Ni feelen dierf och d'Recommandatioun, fir d'Employabilitéit vun deenen eeleren Arbeitnehmer ze verbessern.

Op dëser Plaz gehéiert et sech dann och, e puer Wuert iwwer eis Schold ze verléieren. Op den 31.12. zejoert louch d'Staatsschold bei 12,6 Milliarden oder 21 % vum eise PIB. Dës Schold soll prozentual gesi progressiv erofgoen op 17,5 %. An absolutten Zuele soll se lichter eropgoen op 13,2 Milliarden am Joer 2023.

Mir behalen also eng niddreg Schold. Mee de Minister hat ugekënnegt, dass no Weeër soll gesicht ginn, fir al Scholde wa méiglech ze refinanzéieren. Dëst sinn dann eeler Scholde vu virun 2014, déi nach mat fir haut oder fir haiteg Verhältnissen héijen Zënssätz vun iwwer 2 % ofgeschloss goufen. Wéi de Minister eis virun e puer Woche matgedeelt huet, ass dat och eng éischte Kéier gegléckt an de Staat konnt am November en Emprunt vun 1,7 Milliarden placéieren zu engem negativen Zënssaz vu minus 0,247 %. Dës Prêt leeft bis d'Joer 2026 a soll en Emprunt vun 2 Milliarden, deen am Joer 2020 ausleeft, ersetzen.

Hëlt een elo nach de Remboursement vum Sukuk-Prêt vun 200 Milliounen derbäi, kann eis Staatsschold eleng an der Period tëschent November 2019 a Mee 2020 ëm 500 Milliounen erofgesat ginn.

Dat heescht awer net, dass géif gespuert ginn. Am Contraire: De Staat investéiert och an den nächste Jore vill a läit domat an der Kontinuitéit mat de leschte Joren. Fir d'Joer 2020 sinn net manner wéi 2.816.000.000 un Investissementen am Zentralstaat virgesinn. An eng éischte Kéier brieden d'Investissementen am Joer 2023 de Plaffong vun 3 Milliarden Euro.

Dat ass an absolutten Zuele ganz vill. Och gemooss par rapport zu eise PIB ginn d'Investissementen, déi an der Vergaangenheet ëmmer esou bei 4 % louchen, erop op 4,3 %. Dat ass bal duebel esou vill wéi den Duerchschnitt an der Eurozon. Dat ass och néideg. Ganz besonnenesch d'Investissementen an den öffentlichen Transport an an de Stroossebau si batter noutwendeg. Eis Stroosse packen haut net méi dee Verkéier, dee mer hinnen zoomudden. Dat mierke mer all Mueren an all Owend iwwerall bei eis am Land.

E Land, dat net investéiert, ass e Land, dat vu senger Substanz leeft. An dat wär falsch, net nëmme vis-à-vis vun de Problemer, déi mer haut schonns kennen, mee och vis-à-vis vun

deenen zukünfte Generatiounen, deene mer dann d'Léisung vun eise Problemer géifen iwwerloossen.

Ech hunn elo de Kader beschriwwen, an deem mir eis beweegen. An an esou e Kader oder an eng Rumm, do gehéiert e Bild. Grond fir Schwaarzmlerei besteet net, sot den Här Finanzminister. Da kommt, mir probéieren elo e faarwegt Bild ze molen! E Bild vum engem Land, an deem villes gutt funktionéiert, mee dat nach déi eng oder déi aner Retusch brauch, ier et iergendwann eng Kéier ganz fäerdeg ass.

Wat d'Recettë vum Zentralstaat ugeet, esou belafen déi sech op 20.295.000.000 Euro. Bal d'Hallschent dovun sinn direkt Steieren, déi ëm 1,7 % wuesse sollen. Hei fällt besonnenesch d'Beiträbsbesteuerung an d'A, déi souwuel am Joer 2018 wéi viraussichtlech och 2019 all eis Erwaardungen iwwertraff huet. Eleng den IRC, deen 2019 op 2 Milliarden geschat gouf, soll um Enn eng 600 Milliounen Euro méi erabréngen. Dat huet och mat der elektronischer Besteuerung ze dinn, déi derfir suergt, dass déi Steiere méi séier erakommen. Selbstverständlech ass dat nëmmen e kuerzzäitege Phänomeen, soudass et richtig ass, am Budget 2020 vu méi engem niddrege Montant auszegoe par rapport zu de Previsiounen fir 2019. Par rapport zum Compte prévisionnel geet de Budget 2020 vun enger Baisse vun 13,5 % aus.

All déi, déi mengen, de Budgetsprojekt wier op Sand gebaut an iwwerdriwwen optimistesches, ginn hei Lige gestrooft.

E grouse Saz mécht och d'Lounsteier, déi ëm iwwer 11 % soll wuessen d'nächst Joer. An dat soll och esou viruoen an de Joren duerno, soudass bis 2023 d'Steieren, déi vun der Aarbecht kommen, op iwwer 6 Milliarden solle wuessen.

Eng vun de wichtegsten indirekte Steieren ass d'TVA. Déi soll och 2020 nach eemol ëm 6 % zouleeën a bei iwwer 4 Milliarden leien.

Bei den Akzisen um Diesel an um Bensinn leie mer nëmme lichter iwwert de Previsiounen vun 2019, an och fir 2020 ass do nëmmen eng Progressioun vun annerhallwem Prozent virgesinn. Hei spillt natierlech déi Erhéijung vun 1 Cent op dem Bensinn an 2 Cent um Diesel, déi mer am Fréijoer gemaach hunn.

Gëschter Mueren huet eis de Finanzminister ugekënnegt, dass et och ufangs 2020 wäert zu enger weiderer Erhéijung komme vun den Akzisen op Bensinn an Diesel. D'Forschett vun dëser Erhéijung läit tëschent 3 a 5 Cent beim Diesel an tëschent 1 an 3 Cent um Bensinn. De Statoc huet eis ausgerechent, dass déi Hausse vum leschte Mee an der Moyenne 20 bis 25 Euro d'Joer ausgemaach huet, also ongeféier 2 Euro de Mount.

Dës Erhéijunge solle virun allem den Tanktourismus bremsen, deen engersäits eis CO₂-Bilanz belascht an anerersäits och eis Autobunne verstoppt. Hei gëllt et awer och, d'Evolutionen an eisen Nopeschlänner am A ze behalen, well déi eeben och en direkten Afloss hunn op de Verkaf bei eis op den Tankstellen.

Insgesamt kann ee feststellen, dass bei alle Recetten, déi am Budget estiméiert goufen, eng gewësse Virsiicht ze erkennen ass. Et ass eeben net all Joers mat neie Rekorder ze rechnen. Mee virun allem schreift sech dës virsiichteg Approche an eng politesch Kontinuitéit an, déi mer och aus der Vergaangenheet an och aus fréiere Regierungen kennen.

Vill méi spannend ewéi d'Einname sinn awer d'Ausgabe beim Zentralstaat. Hei gesäit een nämlech, wéi eng Politik dass d'Regierung mécht. D'Recettë sollen an dem Joer 2020 ëm 3,7 % klammen an an de Joren 2021 bis 2023 all Kéiers tëschent 5,1 % a 5,7 %. D'Depensen hirersäits wuessen 2020 nach ëm 6,5 % a ginn da lues an hirem Rhythmus erof op nach 3,9 % am Joer 2023.

Alles an allem leie mer 2020 eng éischte Kéier bei iwwer 20 Milliarden Euro bei de gesamte Staatsausgaben. Dat entsprécht 32,1 % vum eise PIB.

Wat sinn elo déi markant Posten, déi fir d'nächst Joer an den Depensé stinn?

Als Éischt stécht hei de gratis öffentliche Transport eraus, mat engen 30 Milliounen fir d'nächst Joer an iwwer 40 Milliounen Euro duerno. Dës Moosnam huet gläich dräi Impakter: en ekologeschen, well all Automobilist, deen ëmklëmmt op den öffentlichen Transport, verursaacht dann och manner CO₂; e verkéierspoliteschen, well all Auto manner eis Stroossen och e bësse manner belascht; an drëtten e sozialen, well héichgerechent gouf, dass e Stot soumat eng 390 Euro d'Joer spuere kann, wann en haut schonn haaptsächlech den öffentlichen Transport notzt.

Op den öffentlichen Transport kann een awer nëmmen ëmklammen, wann e wierklech gutt funktionéiert an eng reell Alternativ ass zum

Auto. Duerfir mussen nieft dem gratis öffentlichen Transport eis Efforte konsequent weidergefuert ginn, fir an de Bus, an d'Schinn an och an den Tram ze investéieren.

2020 ginn eng 605 Milliounen Euro an d'Exploitatioun vum öffentlichen Transport gestach. Dat ass eng Hausse vun 13 %. D'Investissementen an d'Schinn bleiwen héich déi nächst Jore mat insgesamt 1.370.000.000 Euro bis d'Joer 2023. Déi grouss Chantiers sinn hei déi nei Streck Beetebuerg-Lëtzebuerg, déi zwee nei Quaien an der Stater Gare, de Park and Ride Rodange oder nach d'Aarbechten an der Nordstreck. An den Tram investéiere mer am selwechten Zäitraum 217 Milliounen Euro.

Parallél dozou dierfe mer awer eise Stroosseseau, deen dacks virum Kollaps steet, net verholéissegen. D'Investissementen iwwert de Fonds des routes klamme vun 200 Milliounen am Joer 2020 op 270 Milliounen am Joer 2023. Déi grouss Stroossebauprojeten 2020 sinn hei de Pôle d'échange Cloche d'Or, d'Liaison Micheville, den Echangeur Steebrécken, déi nei N3 tëschent der Stater Gare a Bouneweg, de Pôle d'échange multimodal zu Ettelbréck, d'Transversale Clief oder nach de Couloir multimodal tëschent Ettelbréck an Dikrech.

Eng Gesellschaft, déi gutt funktionéiert, brauch och Infrastrukturen, déi hir gewuess sinn. Besonnenesch Schoulgebaier queesch duerch d'Land gi gebraucht, fir dass eis Kanner an eis Schüler eng breet Offer ugebuede kréien an ënner gudder Konditiounen kënne studéieren. Fir Konstruktionsprojete sinn am Ganze 95 Milliounen virgesinn. Eng Rëtsch Schoulgebaier a Lycéeën ginn den Ament an och an den nächste Jore gebaut oder renovéiert, dorënner d'International Schoul zu Déifferdeng an de Lycée agricole zu Gilsdref.

An der Phase d'études sinn d'Extensioun vum Clief Lycée, de Michel Lucius, de Lycée technique vu Bouneweg, den Nordstad-Lycée, de Lycée technique du Centre, d'École internationale zu Munneref oder nach déi nei Erwuesseeschoul mat Sportlycée. Eleng fir dës Schoulgebaier wäerten an deenen nächste Joren iwwer 1 Milliard Euro investéiert ginn.

Donieft lafen nach aner wichteg Infrastrukturprojeten wéi de Prisong um Uerschterhaff, d'Kasären um Härebiereg, d'Jugendherberg zu Ettelbréck oder nach d'Moderniséierung vum Domaine thermal zu Munneref.

Dëst sinn alles nëmmen déi grouss Projeten. De Budgetsprojekt reiseignéiert awer och iwwer eng impressionnant Lëscht mat méi klengen, awer wichtige Stroossebauprojeten wéi Contournementen oder Stroosserneierungen grad ewéi Renovatiounsarbechten u verschiddene Gebaier. Et géif natierlech vill ze wäit féieren, fir déi hei alleguerten opzezielen.

Mir hunn eng gutt Fonction publique. An dat dierf ee roueg och emol eng Kéier soen. Jo, si kascht eis och eppes: 23 % vun den Depensé vum Staat ginn drop, fir eis Verwaltungen, eis Schoulen an eis Dénkschter un de Bierger ze bezuelen. De Käschtepunkt fir d'Paien am öffentlichen Dénkscht klëmmt viraussichtlech ëm bal 350 Milliounen beim Zentralstaat. Dat muss et eis och wäert sinn. Déi 1.830 nei Posten, déi hei geschaf ginn, gi jo méi wéi gebraucht, zum Beispill an eise Schoulen, awer och fir eis Sécherheet, zum Beispill duerch d'Astelle vu méi Polizisten.

Eise Gemenge ginn 88 Milliounen méi iwwert den Dotationsfong zougesprach. Dat si gutt investéiert Suen, well si ginn do verbraucht, wou d'Bierger se och dacks direkt spieren: do, wou se wunnen, an do, wou se liewen. D'Reform vun de Gemeengefinanzen huet fir méi Gerechtegkeet tëschent de Gemenge gesuergt, mee och fir méi finanziell Mëttelen, déi un d'Gemenge verdeelt goufen.

Op eis Landwirtschaft komme wichteg Erausforderungen duer. Op där enger Säit muss si eng qualitativ héichwäerteg Liewensmëttelproduktioun garantéieren an op där anerer Säit muss se méi Efforte maachen an de Beräicher Klimaschutz, Naturschutz, Buedem- an och Waasserschutz. De Budget gesäit hei déi néideg Mëttelen vir, fir dëst och finanziell a sozial ze begleeden.

Geneesou ass et mat der Biolandwirtschaft an hirem ambitiösen Zil, 20 % Bioagrflächen auszeweise bis d'Joer 2025. Am Budget si méi Sue fir d'Biolandwirtschaft virgesinn, dëst och am Hibleck op d'Ëmsätze vum neie Bioaktiounsplang, deen an der Fäerdegstellung ass.

Am Déiereschutz wäert de Poste vum Déiereschutzbeoptraagte besat ginn. De Volet Anti-Gaspi wäert verstärkt promouviert gi mat konkreten Aktiounen an Informatiounscampagnen.



De Budget vun der Landwirtschaft klëmmt vun engen 53 Milliounen op 55 Milliounen Euro.

De Finanzminister huet a senger Presentatioun vun enger inklusiver Gesellschaft geschwat, an där jiddweree seng Plaz fanne soll. Dat ass eng luewenswäert Zilsetzung, déi et géllt unzepelen. Duerfir ass et richteg, dass och an deenen nächste Jore vill Suen an d'Familljepolitik fléissen. De Budget vun der Zukunftskeess geet op 1.217.000.000 erop. Den neie Congé parental ass e Succès an e gétt weiderhin am Budget mat den néidege Mëttelen dotéiert. De Budget fir d'Chèques-services sengersäits gétt ëm 10 % gehéicht.

D'Liewen an eiser Gesellschaft muss esou gestalt ginn, dass jiddweree kann drun deelhuelen. Fir déi Vulnerabelst ënner eis, déi Leit mat enger Behënnerung, ass do virgesinn, de Budget ënner anerem fir déi konventionéiert Servicer vun 79 op iwwer 100 Milliounen am Joer 2023 eropzesetzen. Am selwechte Beräich ginn d'Ateliers protégés mat 57 Milliounen ënnerstëtzt. Net vergiesse sollt een och dee reforméierten Adapto-Service fir Leit mat enger Behënnerung, dee jo och gratis soll ginn.

Fir d'Wuelbefanne vun de Leit brauch et als Allereréischt eng gutt Gesondheet. D'Kreditter am Secteur vun der Santé ginn ëm 10 % erop op 228 Milliounen Euro. Besonnesch déi konventionéiert Dénsgchter profitéiere vu méi Moyenen. Vill gétt iwwerdeems och an d'Preventioun gestach. De Projet eSanté, den Dossier partagé an d'Digitaliséierung gi virgedriwwen.

Erlaabt mer wannechgelift, dass ech hei zwee méi kleng Projeten ernimmen, déi vum Staat ënnerstëtzt ginn. Et sinn dat d'Projete Caddy II a Schweessdrëps II vun der Stëmm vun der Strooss. Mat deenen zwee Projeten, déi zu Suessem ënner engem Daach regroupéiert ginn, gi gratis Liewensmëttel un zéng verschidde Sozialdénsgchter geliwwert. Fir d'Gebaielcheekte bauen ze kënnen, gétt de Gesondheitsministère am Budget 2020 Mëttelen an Héicht vu 777.000 Euro. Hei ass net nëmmen de sozialen Aspekt ervirzehiewen, mee och d'Reduktioun vun eiser Liewensmëttelverschwendung.

Ech wëlt am Numm vun eis alleguerten op dëser Plaz e grouse Merci soen un all d'Benevolen, net nëmmen déi vun der Stëmm vun der Strooss, mee vun allen Associatiounen, déi sech an den Dénsgcht vun hire Matmënsche stellen.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** Ouni hiren Asaz géif et ville Leit hei am Land vill méi schlecht goen. An de Staat kéint, och wann e wëlt, dat alles net selwer leeschten.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** Vun der Gesondheet bei de Sport ass de Sprong net ganz grouss. De Sport ass och dee Beräich, deen am meeschte wäert an deenen nächste Jore wuessen, en Zouwuess vu ganzer 15 %.

Et geet net duer, fir adequat Sportsinfrastrukturen opzerichten. Selbstverständlech brauche mer déi. De Fong fir Sportsekipement kritt duerfir och 7,5 Milliounen méi. Mee gradesou wichteg ass dat, wat an deene Sportstätte geschitt: en anstännegen, professionellen Encadrement, net eleng vun de Spëtzsportler, mee och vun eise Kanner an all deenen, déi Sport bedreiwen. Duerfir ginn d'Federatiounen méi a besser finanziell ënnerstëtzt. Nëmmen esou kann de professionellen, gudden Encadrement och assuréiert ginn.

Op de Volet Logement ginn ech herno nach méi am Detail an. Mir sinn eis eens, dass d'Fro vum bezuelbare Wunnraum déi gréisste sozial Fro ass den Ament. An hei muss d'Politik reagéieren. Vill Initiative sinn och ugekënnegt gi vun der Regierung, notament de Logementspakt 2.0, dee mer hei virun enger Woch diskutéiert hunn. Leider spigelt de Budget vum Logement dës vill Initiativen net oder besser gesot nach net erëm.

Positiv ze erwäne bleift awer, dass d'Kreditter fir d'Gestion locative sociale ëm ganzer 37 % gehéicht ginn an dass de Fonds de soutien au développement du logement geschaf gétt. Dëse Fong soll jo dem Staat et erlaben, fir an de Besëtz vu Grondstécker ze kommen, fir esou eege Wunnungsbauprojekte kënnen ze realiséieren. Dee Fong gétt allerdéngs just mat 3 Milliounen fir dat anert Joer kreditéiert. Och sinn dëst keng nei Kreditter, mee et ass en Zesummeleee vu verschiddenen Artikelen.

Et ass duerfir eist Versteesdemech, dass dëse Fong déi néideg Moyene brauch, fir seng Ziler

kënnen ze erreechen. A mir ginn och duerfir staark dovunner aus, dass, wa bis déi gesetzlech Basis fir dee Fong geschaf gouf, déi Kreditter massiv an d'Luucht wäerte goen.

Et géif och hei ze wäit féieren, fir all eenzel Moosnam aus dem Budget opzezielen, an duerfir wëllt ech mech op dës puer Beräicher limitéieren, déi ech elo grad ernimmt hunn an déi ech besonnesch ervirgestrach hunn.

Nieft all deene Saache gétt natierlech och an eis Education investéiert. De Budget vum Enseignement supérieur geet ëm 10 % erop.

Lëtzebuerg hëlt seng Verantwortung eescht vis-à-vis vun der Entwécklungshëllef an investéiert och déi nächst Joren 1 % vu sengem Revenu national brut, fir deenen ënnert d'Aerm ze gräifen, déi eis Solidaritéit brauchen.

Och dëst Joer sinn déi sozial Transferten e grouse Bestanddeel vum nationale Budget. D'Participatioun vum Staat un den Dépense vun der Krankekeess, Pensiounskeess, Fleegeversécherung a vun der Mutualitéit si wichteg Bätträg, fir de Budget vun der sozialer Sécherheet an engem gesonden Equilibre stoen ze hunn. Si erlaben et, wichteg Verbesserungen fir de Versécheren an och eng Planungssécherheet fir d'Betriben ze garantéieren.

De Volet vum Paperless an der Digitalisatioun ass eng Prioritéit vun der aktueller Regierung a wäert duerfir och an deenen nächste Jore gefördert ginn.

D'Kulturjoer 2022 réckelt ëmmer méi no an de Budget stellt d'Mëttel bereet, fir dat wichtegt Evenement fir de Süde vum Land och gutt ze preparéieren.

De wichtege Budget vum Ministère fir Aarbecht, Beschäftegung a Solidarwirtschaft geet ëm 8 % an d'Luucht. Fir d'Actions en faveur de l'emploi sinn zesummen 367 Milliounen virgesinn.

Alles an allem huet d'Regierung en equilibrierte Budget virgeluecht. An dat mengen ech natierlech net am Sënn, dass all d'Depensen duerch Recettë musse couvréiert sinn, mee am Sënn vun deem, wat och de Finanzminister a senger Presentatioun gesot huet, nämlech dass et e Budget ass fir e besseren Alldag vun de Mënschen. Dëse Budget vereent villes. Virun allem setzt e sozial an ökologesch Akzenter. Et gétt vill investéiert, fir eischtens déi Problemer ze léisen, déi mer haut hunn, awer och fir eist Land op zukünftge Eerausforderungen virzebereeden.

Beim Stand vun eise Staatsfinanze kënnen mir eis dat och leeschten. Jo, mir müssen eis dat leeschten. Wouhinne der Stëllstand féiert, gesi mer ganz gutt bei eisen däitschen Noperen, wou Stroossen net gefléckt ginn, Brécke wackeleg sinn a Schoulgebaier baufälleg sinn.

Fir dass mer och a méi schwieregen Zäiten e gewëssene finanzielle Spillraum behalen, gétt de fréiere Fonds de crise ëmgewandelt an e Fonds de rééquilibrage budgétaire, wou budgetär Iwwerschëss kënnen drafléissen.

Nieft dem Fonds souverain, dee mat 317 Milliounen ekipéiert ass an deen eng Zort Spuerbuch fir zukünftge Generatiounen duerstellt, soll dëse Fong awer net blockéiert ginn. Duerfir wier et an eisen Ae wichteg, d'Modalitéite festzeleeën, no deene kann op dëse Fong zréckgegraff ginn. An hei misst d'Chamber méi matagebonne ginn.

Ech hu virdrun déi rekordhéich Investisementer gelueft, déi mer eis virhuelen. Nach musse mer eis versécheren, dass mer dat Beschit mat deene Sue maachen. Ech hu während menger Virbereedung op dëse Rapport gelies, dass de Staat bei gréissere Projete 15 Joer brauch tëschent der Planung an dem Realiséiere vun engem grouse Projet. Deen Delai ass einfach ze laang. Net nëmme solle mer un eise Prozedure schaffen - dat hu mer jo och schonn zum Deel gemaach mam Omnibusgesetz -, mee mir musse besser virusplangen. Mat de Plans sectoriels gétt dat jo schonn zum Deel probéiert. Dat geet awer sécher net duer.

Ech wëllt duerfir a mengem perséinlechen Numm proposéieren, dass d'Politik sech an hiren Aarbechte begleele léisst vun enger ze schafender Kommissioun, wéi et se zum Beispill schonn a Groussbritannien zanter dem Joer 2017 gétt. Dës Kommissioun kéint permanent d'Entwécklung vun der Populatioun, vun der ekonomescher Aktivitéit, vum Verkéier, vun den Aarbechtsplazen, de Chantieren an esou weider am A behalen a plangen, net nëmme fir déi nächst puer Joer, mee doriwwer eraus fir déi nächst Joerzëngten.

D'Plus-value vun dëser Kommissioun muss doranner bestoen, dass mir d'Besoinen anticipéieren, amplaz der Entwécklung hannendrunzelafen. Net nëmme Lëtzebuerg, mee och d'Entwécklung an eiser direkter Noperschaft muss matabezu ginn. Dës Kommissioun, zesumme gesat souwuel aus Decideure wéi och aus Wës-

senschaftler, kéint stänneg op nei Entwécklungen reagéieren a Rotschlei ginn, wou mer an Zukunft nei Stroosse brauchen, nei Schoulen, nei Wunnraum oder eng nei Offer am öffentlechen Transport. Well et ass jo näischt méi frustrant, wéi wann e Projet ofgeschloss gëtt an an der Tëschenzäit d'Premissen, déi am Ufank gegollt hunn, net méi der Realitéit vun haut entsprechen.

Dat do bréngt mech op e Sujet, dee mer eigentlech scho méi dacks hei am Haus ugeschwat hunn: Wéi kënnen mer besser garantéieren, dass déi Suen, déi mer ausginn, déi Investisementer, déi mer tätigen, och eisen Ziler, déi mer eis gesat hunn, gerecht ginn? Mir müssen eis agestoen, dass mer eng schlecht Evaluatioun vun eiser Politik maachen.

Heiansdo stëmme mer hei am Haus eng Motioun, déi d'Regierung opfuerdert, nom Akraafttriede vun engem Gesetz zréck bei d'Chamber ze kommen an e Bilan ze zéien. Et ass awer um Parlament, dës Evaluatioun ze maachen. Mee duerfir feelt et eis un den néidege Moyenen. Sécher gräife mer och emol op d'Cour des comptes zréck, fir e Spezialrapport ze maachen zu deem engen oder anere spezifische Punkt. Mee mir kënnen dat net alles op d'Cour des comptes ofwälzen. Mir müssen eis als Chamber selwer en Dénsgcht ginn, dee mir kënnen beoptrage mat der Evaluatioun vun der Politik.

Wie mécht zum Beispill d'Evaluatioun vun deene sëllege Schoulreformen, déi mer an de leschte Jore gemaach hunn? Oder wie kuckt, ob dat, wat mer eis am Objet vum Gesetzesprojet iwwert d'Subvention loyer virgehollt hunn, och wierklech erreecht gétt?

Dat nächst Joer sollt sech d'Chamber seriö Gedanken maachen, wéi mer eis déi Méiglechkeete kéinte ginn, déi eis haut an dësem Beräich nach feelen.

D'Chamber sollt awer och am beschte bei sech selwer ufänken. Ech hunn an de leschte Méint e puer Budgetsrapporte gekuckt vu menge Virgänger. Hei goufen eng sëllech Recommandatiounen formuléiert - och ech wäert der haut nach e puer maachen -, mee wat geschitt mat deene Recommandatiounen? Vill ginn der ëmgesat, anerer awer net oder waarden nach drop, ëmgesat ze ginn. A wien erënnert sech drun?

Eng Iddi wier, dass d'Finanzkommissioun en An d'robber behält. Dat selwecht géllt och fir eis Motiounen hei an der Chamber. Dacks ass et och hei: „Aus den Augen, aus dem Sinn.“ Duerfir sollt e Relevé opgestallt gi vun alle Motiounen, déi d'Chamber am Laf vun der Zäit hëlt, e Relevé, dee stänneg à jour gehale gëtt an deen der Chamber weist, wou déi eenzel Opfuerderungen un d'Regierung dru sinn.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** Här President, ech erlabe mer, zu dësen dräi Proposen eng Resolutioun ze deposéieren. Wannechgelift!

Résolution 1

La Chambre des Députés,

- considérant que conformément à l'article 104 de la Constitution, il appartient à la Chambre des Députés d'arrêter la loi des comptes et de voter le budget ;

- considérant également qu'en vertu de l'article 88 (1) du règlement de la Chambre des Députés, chaque député a le droit de déposer des motions adressées au Gouvernement et des résolutions adressées à la Chambre des Députés ;

- constatant qu'une évaluation ex post rigoureuse des politiques mises en œuvre représente une condition sine qua non de l'efficacité des mesures visées,

décide

- en vue de favoriser une meilleure lisibilité des différentes motions et résolutions votées par la Chambre des Députés, qu'un registre par thèmes sera créé afin de regrouper les motions et les résolutions votées ;

- de charger la Conférence des Présidents d'élaborer les modalités afin de se doter progressivement des moyens nécessaires auprès de l'Administration parlementaire pour mener une évaluation qualitative systématique des politiques mises en œuvre au niveau national ;

- de suivre au sein de la Cofibu les recommandations formulées par la commission dans le rapport du budget.

(s.) Yves Cruchten, Marc Baum, Eugène Berger, Sven Clement, Josée Lorsché.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** - Déi Resolutioun dréit schonn d'Ënnerschrëfte vun enger ganzer Partie Kolleegen hei. Ech wëllt awer deene Parteien, bei deenen ech net derzou komm sinn, virun der Sëtzung nach mat

hinne doriwwer ze schwätzen, soen, dass déi Resolutioun selbstverständlech op ass, fir dass si déi nach kënnen ënnerschreiwen.

Voilà ! Ech soen de Regierungsmembere Merci fir hir Disponibilitéit an de leschte Wochen. Mir kruten och op all Fro, déi mer gestallt hunn, eng Antwort, respektiv goufen eis nach Dokumenter nogereecht, déi mer verlaangt hunn.

Ech wëllt awer un d'Regierung appelléieren, dass se beim Opstelle vum Budget drop Uecht gétt, dass d'Chamber nach ëmmer deen néidegen Iwwerbléck behält. Et versteet een, wann an engem Ministère verschidde Budgetsartikele beieneegeluecht ginn, well dëst der Regierung méi Flexibilitéit gétt bei hiren Dépensen. Dat dierf awer net op d'Käschte vun der Transparenz goe vis-à-vis vun der Chamber. Duerfir missten op d'mannst am Libellé vum Artikel d'Detailer opgefouert gi vun deenen Artikelen, déi fusionéiert goufen.

Souwuel zu Lëtzebuerg wéi och am Ausland goufe sech jo scho vill ... Elo hunn ech eng Sait iwwersprongen. Gesitt Der, et ass gutt, dass ech se nummeréiert hunn.

An deem méi perséinlechen Deel vu mengem Rapport hunn ech mech dozou entschloss, mech dem Sujet vum PIB du bien-être unzehuelen. Dat ass sécher keng nei Erfindung. Souwuel zu Lëtzebuerg wéi och am Ausland goufe sech jo scho vill Gedanken doriwwer gemaach.

Ech hu mech perséinlech ëmmer dru gestéiert, dass mer d'Situatioun vun eisem Land, eise Wuelstand ëmmer eleng op eis wirtschaftlech Performance reduzéieren. An d'Fro, déi mer dacks duerch de Kapp gaangen ass, war déi heiten: Wat denke verschidde Leit, wa se dauernd héieren: „Eise PIB ass ëm 3 %, 4 % oder 5 % gewuess, et geet eis also gutt“, an zum nämmelechten Ament mierke si awer keen Ënnerschied um Paiziedel an hunn et allze dacks schwéier, fir Enn des Mounts déi berüümt zwee Enner beieneenzekréien?

Eise Premierminister huet dee remarkabele Saz gesot: „Wann et eisem Land gutt geet, da muss et och de Leit gutt goen.“ An hien huet natierlech absolutt Recht. Mee wéi geet et dann effektiv de Leit? Wéi et eisem Land geet a virun allem, wéi et eise Bierger geet, doriwwer seet dee klassesche PIB wéineg aus. Et brauch duerfir aner Indicateuren.

D'nächst Joer am März organiséieren de Stater an de Wirtschaftsministère eng gréisser Konferenz iwwert dee sougenannte Well-Being mam Titel: „Knowledge for informed decisions“. Den Direkter vum Stater hat am November op eng ganz interessant Diskussionsronn invitéiert iwwert d'Ongläichheeten an hir Evolution, dëst mat engem méi provokanten Ënnerstitel: „Tout ce que nous ne mesurons pas ou mal“. Et gétt sech also scho vill mat der Fro beschäftegt, wéi mer d'Wuelbefannen a senger ganzer Komplexitéit moosse kéinten.

An ech wëlt op dëser Plaz ausdrécklech dem Serge Wilmes e grouse Merci soen, well hien eng Debatt grad iwwert de PIB du bien-être an der Chamber gefrot huet. Mir waren eis also onofhängeg vuneneen eens, dass et wichteg wär, sech méi intensiv domat ze befaassen.

(Interruptions)

Och de Paul Galles huet eng Debatt ugefrot iwwert d'Aarmut zu Lëtzebuerg. Och him villmools Merci derfir, well ech och dësem Thema e gréissert Kapitel a mengem Rapport widmen. Dës zwou Debatte vum Paul Galles a vum Serge Wilmes, déi mer da viraussichtlech ufangs vum nächste Joer wäerte féieren, ergänzen also mäi Rapport vun haut a stelle sécher, dass d'Diskussiounen doriwwer weidergefouert ginn.

Här President, nodeems d'Nowéie vun der Finanzkris verdaut sinn, genéisste mir erëm e staarke Wirtschaftswuesstum: 2014, 2015 an 2016 iwwer 4 %. Zanterhier gewanne bei ville Bierger aner Consideratiounen erëm méi u Bedeutung: Ongläichheeten ofbauen, d'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff, eng intakt Ëmwelt, sozial Kontakter an eiser Gesellschaft. Kuerz: d'Wuelbefanne vun deem Eenzenen.

De Constat, dass Wirtschaftswuesstum automatesch d'Wuelbefanne vun de Leit eropsetzt, ass ëmmer manner evident, och an der Wëssenschaft.

Am Koalitionsaccord vun 2009 huet déi deemoleg Regierung d'Aféiere vun engem PIB du bien-être nieft deem klassesche PIB annoncéiert. An engem gemeinsamen Avis vum Conseil économique et social a vum Conseil supérieur du développement durable goufen 63 Indicateuren aus eelef Liewensdomänen definiert, op deenen de PIB du bien-être fousst.

De Stater gouf mat der operationeller Ausféierung beoptraagt an dee synthetiséierte „Luxembourg Index of Well-Being“ war ge-



buer. A sengem Rapport huet de Statec deemools festgehalen, dass de „Luxembourg Index of Well-Being“ tëschent 2009 an 2015 zwar gewuess ass, mee manner séier wéi d'Évolution vum PIB. 2015 war dat esou gemooßent Wuelbefannen 0,8 % ënnert dem Niveau vum 2009. De PIB pro Kapp ass awer am nämmelechen Zäitraum ëm 5,7 % geklommen.

A mengem Rapport sinn ech op dräi grouss Theemefelder agaangen: Aarmut an Ongläichheeten, Logement an zu gudder Lescht d'Aarbechtswelt. Nieft engem relativ héijen Taux de risque de pauvreté vum 18,3 % ass et wichteg, aner Indicateuren ze kucken, fir méi e komplett Bild ze kréien. Dozou gehéiert d'Déprivation matérielle, déi net un d'Évolution vum Revenu médian gebonnen ass, mee déi méi objektiv Krittäre virgesäit.

Dir entschëllegt mech, ech hu keen anstänneg Lëtzebuergesch Wuert fonnt fir „déprivation matérielle“, duerfir gebrauchen ech dann elo dat franséisch.

Glécklecherweis hu mir zu Lëtzebuerg en niddregen Taux de déprivation matérielle: 1,3 %, deen niddregsten an der Europäescher Unioun. Dëst dierf awer net verstoppen, dass zu Lëtzebuerg 8 % vun de Kanner eng Déprivation matérielle erliewen.

A menge Recherchë sinn ech op follgend, fir mech erschreckend Zuele gestouss: Kanner, vun deenen d'Elteren an enger Koppel liewen, sinn, wann et ëm Deprivatione geet, zu 4 % beträff, Kanner an enger Famill monoparentale zu 30 %. Néierens ass déi Differenz esou grouss wéi zu Lëtzebuerg!

E puer Beispiller, fir dass ee versteet, wat mengt ass: Deprivationen, déi gemooss goufen, sinn zum Beispill al Miwwelen net ersetze kënnen, Rechnungen net kënnen bezuelen, d'Kanner net kënnen um Schoulausschuel deelhuele loosse, Kanner, déi just ee puer Schong hunn an esou weider.

Mir wëssen et alleguerten: Op der ganzer Welt, an och zu Lëtzebuerg, huelen d'Ongläichheeten zou, besonnesch wann ee sech d'Verdeelung vum Patrimoine ukuckt. Lëtzebuerg ass dacks besuergt, fir an internationale Rankinge kënnen um Podium ze stoen. Mee mir thematiséieren net vill, dass mir dem Eurostat no beim Gini-Koeffizient zanter 2016 kloer méi ongläich eis Revenue verdeelt hunn wéi d'Moyenne an der EU. Den Gini-Koeffizient louch 2018 bei 30,6 fir d'EU, mee bei 33,2 fir Lëtzebuerg.

An hirem Bulletin huet d'Banque centrale festgestallt, dass déi iewesch 10 % e Patrimoine hunn, deen 344-mol esou grouss ass wéi dee vun deenen ënneschten 10 %. Dat war am Joer 2014. Am Joer 2010, also véier Joer virdrun, louch dee Rapport scho bei héijen 273. Dës Entwécklung ass also rasant.

Wann ee weess, dass de Rapport tëschent deenen ieweschten 10 % an deenen ënneschte 50 % an deem Zäitraum éischter konstant bliwwen ass, da kënnt een zur Konklusioun, dass déi ënnescht 10 % guer näischt op d'Säit leeë kënnen. Fir eis sozial Kohäsion sinn dës Entwécklungen natierlech Gëft.

Ech hu virdru gesot, dass de Staat ouni d'Hëllef vu Benevollen opgeschmass wier, wann et drëms geet, d'Aarmut ze lënnere an ze bekämpfen. Duerfir brauchen déi konventionéiert Asblen déi néideg Moyenen, fir hir Aarbecht ze maachen. Dat geschitt wuel mat dem Budget. Deen Effort muss och weidergoen.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Yves Cruchten** (LSAP), *rapporteur.* - Och brauchen déi Benevoll selwer déi néideg Formatioun an e gudden Encadrement.

Wat d'Strukturen ugeet, déi mer hei am Land hunn, soll eng Analys vun de Besoinen a vun der geografescher Verdeelung gemaach ginn.

Eng Iddi, déi mir besonnesch um Häerz läit, ass déi vum Housing First, déi sech zum Beispill schonn a Finnland bewäert huet. Hei stieche mer nach an de Kannerschong. An déi Iddi soll onbedéngt weiderentwéckelt ginn. Kuerz erkläert: Beim Housing-First-Konzept geet et ëm e Mentalitéitswandel. Et setzt voraus, dass jiddwereen hei am Land e Recht huet, iergendwou ze liewen. D'Wunneng gëtt domat zur éischter Mesure vun der Stabiliséierung, zum Beispill fir Leit vun der Strooss oder eng Persoun, déi wëllt aus der Prostitutioun erausklammen.

Eréischt wann ee bis en Doheem huet, kann een déi aner Problemer ugoen, wéi eng Aarbecht sichen oder erëm gesond ginn an esou lues a lues de Wee zrëck an eis Gesellschaft fannen. A Finnland ass dëst Konzept erfollegräich a si schwätze vun 80 % Reussite vun deene Leit, déi iwwert den Housing First gehollef kruten.

Ech soen dat alles, well wa mir iwwert d'Wunnengspräisser schwätzen, dann hale mer dacks fest, dass et fir Geréngverdenger an ëmmer méi dacks och Normalverdenger ëmmer méi

schwéier gëtt, fir sech d'Wunnen hei zu Lëtzebuerg kënnen ze leeschten. Mee wéi schwéier muss et da si fir déi, déi guer näischt hunn! Ech soen dat hei, fir dass mer si net vergiessen, wa mer iwwert d'Wunnengsnout schwätzen.

Da wëilt ech d'Regierung drun erënneren, dass si an hirem Regierungsprogramm ugekënnegt huet, d'Familljeleeschungen ewéi d'Familljegelld nees un den Index unzepassen. Dat ass ganz bestëmmt eng wichteg Hëllef fir d'Familljen, besonnesch fir d'Elengerzéier. A wat déi Indexéierung éischter kënnt, wat besser!

Wann een den Aarmutsrisiko am Detail kuckt, da fällt engem op, dass am Contraire zu aneren europäesche Länner den Aarmutsrisiko bei Rentner däitlech manner héich ass. Dës läit bei manner wéi der Hallschent vun der Moyenne. Dat ass eng gudd Noriicht. Vergiesse sollte mer dobäi awer net, dass et och zu Lëtzebuerg kleng Pensione gëtt, mat deenen ee knapps iwwert d'Ronne kënnt.

Et ass duerfir eng gudd Noriicht, dass fir den 1. Januar d'Pensionen ëm 1,5 % wäerten ugehuewe ginn. Zesumme mat der ze erwaarden der Indexbranche kréien eis Rentner esou ugangs 2020 eng Erhéijung vu 4 %. Weider Efforten, fir Hongerrenten ze vermeiden, mussen awer och nach gemaach ginn.

Wat d'Ongläichheeten ugeet, esou schloen ech vir, en Observatoire vun den Ongläichheeten an d'Liewen ze ruffen, e bëssen esou wéi den Observatoire vun der Kompetitivitéit, dee mer jo schonns hunn.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Yves Cruchten** (LSAP), *rapporteur.* - Domat kéinten d'Regierung an d'Sozialpartner net nëmmen d'Ongläichheeten am A behalen, mee och Initiativen huelen, fir se ze bekämpfen.

Ganz besonnesch sollt d'Regierung beim Ausschaffe vun där ugekënnegter Steuerreform eng Verbesserung fir d'Famill monoparentales ustriewen. Si ware schonns 2017 iwwert de Crédit d'impôt entlaascht ginn. Dës kann een duerch aus nach eng Kéier unhiewen.

Ech wëlt och ënnersträichen, dass d'Regierung net d'Hänn an de Schouss geluecht huet, wat d'Aarmutsbekämpfung an d'Erofrécke vun den Ongläichheeten ugeet. Am Laf vum Joer 2019 huet d'Regierung de Mindestloun ëm 100 Euro netto gehéicht. Wat fir en Impakt dës wichteg Moosnam op den Aarmutsrisiko respektiv op de Phänomene vun de Working Poor huet, wësse mir haut nach net. Mee d'Fro ass net, ob dat e positiven Effekt hat, mee éischter, wéi grouss dës Impakt ass. Dat gesi mer alerdéngs eréischt, wa mer d'Donnéeë vun dem Joer statistesch traitéiert hunn.

Wat de Phänomene vun de Working Poor ugeet, esou ass deen esou komplex, dass et derwäert wier, dem en eegene Rapport ze widmen. Dat just als kleng Ureegung.

Wann een zu Lëtzebuerg vun Aarmut an Ongläichheete schwätzt, dann ass ee ganz séier beim Logement. Dësen ass nämlech zu groussen Deeler d'Ursach, firwat zum Beispill den Aarmutsrisiko klëmmt. Mir sinn eis all eens, an ech brauch och elo net erëm Beispiller ze nennen, dass d'Präisexplosioun um Wunnengsmaart de Leit e Lach an de Portmonni frësst. E grouss Problem ass do d'Konzentratioun vun Terrainen.

An enger Question parlementaire haten de Franz Fayot an ech no der Verdeelung vum Landbesëtz gefrot. Doropshi goufen de LISER an den Observatoire de l'habitat dermat chargéiert, d'Besëtzverhältnissen ze analyséieren. D'Resultater, och wann een et scho gefaart hat, waren nawell erschreckend: 1 % vun de Privileit besëtze 16,4 % vun der Valeur vun allen Terrainen. D'Beispill vun der Stad Lëtzebuerg ass besonnesch markant: 11 Entreprises an 11 Privitéit besëtzen 63 % vun den Terrainen an eiser Hauptstadt, mat enger Valeur vu ronn 2,4 Milliarden Euro! Dat ass natierlech eng ongesond Situatioun.

De Statec huet ausgerechent, dass d'Käschte vum Logement ganz ënnerschiedlech evolueiert hunn, jee nodeem zu wéi engem Quintile de Stot zielt. Beim éischte Quintile, also bei deene mat deem niddregsten Akommes, sinn d'Käschten ëm 20 % geklommen tëschent 2012 an 2017, beim véierte Quintile just ëm 7 %. An d'Resultat dovunner: D'Käschte vum Logement huele beim Geréngverdenger 42 % vum verfügbaren Akommes an, a bei deenen ieweschten 20 % vun der Akommeskala sinn et just 14,5 %.

Den Taux vun der Deprivation beim Logement, zum Beispill en ondichten Daach oder ouni privat Toilette an esou weider, ass méi héich zu Lëtzebuerg wéi an der Moyenne vun der EU, wann een et op d'Locataire bezitt, déi zu de Marchéspräisser loune mussen.

D'OCDE huet an hirem Examen économique vun dem Joer ervirgestrach, dass a kengem vun de 36 Memberstaaten deen éischte Quintile esou staark verschëlt ass wéinst dem Logement wéi zu Lëtzebuerg. Et ass duerfir net verwonnerlech, dass d'OCDE eng méi konsequent Besteuerung vun eidel stoenen Terrainen gefuerdert huet an dass d'Reform vun der Grondsteuer d'Non-affectation muss bekämpfen.

Iwwregens ass d'OCDE net déi Eenzeg, déi eis dat seet. Och d'Europäesch Kommissioun huet an hire lännerspezifische Recommandatiounen am Juni fir Lëtzebuerg festgehalen, dass si politesch Mesurë vermësst, déi d'Proprietären dozou bréngen, hir Terrainen fir Logement disponibel ze maachen. D'Chambre des Métiers proposéiert an hirem Avis zum Budget, dass mer eidel Terrainen mussen méi besteieren.

Ech wëll betounen, dass dëst alles keng marxisteschen oder lénkssozialeschen Organisatiounen sinn! A wann déi dat scho soen!

(Brouhaha)

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Yves Cruchten** (LSAP), *rapporteur.* - Op dëser Plaz wëll ech och de President vun der Banque centrale zitieren, deen eis an der Finanz- a Budgetkommissioun bei der Presentatioun vun hirem Avis zum Budget zum Schluss gesot huet, beim Logement: „Et muss elo eppes geschéien!“.

Wëllt d'Regierung verhënneren, dass hir Logementspolitik duerch d'Konzentratioun vum Bauland an den Hänn vun enger klenger Zuel vu Proprietären torpedéiert gëtt, muss d'Regierung d'Baulandspekulatioun bekämpfen!

Weiderhi muss dee spezielle Steuerregime fir d'Fonds d'investissements spécialisés reforméiert ginn, ...

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Yves Cruchten** (LSAP), *rapporteur.* - ... well et kloer schéngt, dass dës Produkt méissbraucht gëtt, fir mat Hëllef vum Typ vun den Umbrella Funds laanscht d'Besteuerung vun der Plus-value immobilière ze kommen. An dat huet net nëmme Repercussionen op d'Wunnengspräisser, mee virun allem ass et eng grouss Steuerongerechtkeet.

Mir sinn eis jo eens, dass de Staat, fir selwer aktiv ze ginn um Wunnengsmaart an esou bezuelbare Wunnraum kënnen ze schafen, fir d'éischt emol un dat néidegt Bauland muss kommen. Duerfir sollt am Kader vun de Baulandverträge eng Tax op de geschafene Méiwäert vun den Terrainen kommen, déi zu Bauland ëmklasséiert ginn; esou wéi et och am Koalitionsaccord tëschent de Regierungsparteie virgesinn ass. D'Fro dierf awer erlaabt sinn, ob een net amplaz vu Suen e Stéck vum Terrain kann un d'ëffentlech Hand oftrieden.

Wéi schonns d'éinescht gesot, deen neie Fong fir Terrainen ze kafe muss déi néideg Mëttele kréien, fir senger Aufgab hei kënnen gerecht ze ginn.

Ech widderhuelen och nach eemol, wat ech déi lescht Woch gesot hu beim Pacte Logement: Mir mussen fir all déi verschidde Besoinen dee richtige Wunnraum schafen. Dobäi sollen d'Loyerer dem Akommes no gerecht ginn.

Ech widderhuelen awer net méi all déi Recommandatiounen aus der Debat vum virun enger Woch, ech verweisen do op mäi schrëttleche Rapport.

Zum Logement awer nach dat heiten: Mir brauchen och méi Wunnraum fir Studente grad ewéi d'Méiglechkeet fir nei Formen vum Zesummeliewen, wéi dem intergenerationelle Logement.

E weidert Thema, dat ech méi genee wëll ënnert d'Lupp huelen haut, ass d'Aarbechtswelt. D'Aarbecht gouf net erfond, fir eis Mënsche glécklech ze maachen. Nawell ass et d'Aarbecht, déi eis et erméiglecht, iwwerhaupt un der Gesellschaft deelzehuelen. An d'Aarbechtsqualitéit ass dann och e wichteg Facteur vum Wuelbefannen am Alldag.

Am „Quality of Work Index“ fille sech 30 % vun de Leit net an der Lag, no der Aarbecht ofzeschalten. Vill mussen ronderëm d'Auer disponibel sinn. Wa mir als Legislatuer net oppassen, risquéiert d'Digitalisatioun d'Grenzen tëschent Aarbecht a Fräizäit ze verwëschen. D'Regierung sollte mer ënnerstëtze bei hirem Bestriewen, en Droit à la déconnexion ze schafen.

Dëst gëtt nach verstärkt bei den neien atypeschen Aarbechtsformen wéi der Plattform-aarbecht. Hei kënnen mer roueg vu „falschen Indépendant“ schwätzen. Wie sech dorop aleisst, huet dacks d'Nodeeler vum Indépendant: keng fest Aarbechtssäiten, staark Variatiounen beim Akommes, keng finanziell Sécherheet. Zäitgläich awer schafft ee wéi an engem Aarbechtsverhältnis, just eeben, dass een net déi gesetzlech Ofsecherung vum Salarié genéisst.

Mir dierfen déi Leit, déi esou Plazen hunn an déi um Bord vun eise Aarbechtsrecht sinn, net lénks leie loosse.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Yves Cruchten** (LSAP), *rapporteur.* - Et ass duerfir gudd, dass de Regierungsprogramm virgesäit, eist Aarbechtsrecht ze reforméieren, fir dës Situatiounen entgéintzewierken.

Och wier et gudd, wa mer géife virukomme mat der Verbesserung vun der Situatioun fir d'Indépendanten. An hei schwätzen ech vun deene richtigen Indépendanten! Hei mussen mer déi sozial Ofsecherung, wéi zum Beispill d'Recht op Chômage, méi no eruféieren un d'Rechter vun de Salariéen.

De Rapporteur vun zejoert, den André Bauler, hat et och a sengem Bericht erwänt: Et kommen an der Aarbechtswelt gewaltig Change-menter op eis duer. Der OCDE no wäerten an deenen nächsten zéng bis zwanzeg Joer 14 % vun den Aarbechtsplazen duerch d'Digitaliséierung an d'Automatiséierung ewechfalen. 32 % vun den Aarbechtsplaze wäerten sech grondleeënd veränneren.

D'Äntwert heirobber, an engem Wuert, ass: Formatioun. De Regierungsprogramm gëtt do schonn eenzel Pisten, deenen et dann och gëllt nozegoen. Ech denken do un d'Mise en œuvre vun enger Stratégie des compétences oder nach de Compte personnel de formation. Hei sollt een och kucken, wéi eng Roll d'ADEM do ka spillen. Besonnesch déi sougenannt „middle-skilled“ Aarbechtsplaze si bei der Digitaliséierung a Gefor. An do gëllt et den Hiwiel unzesetze bei der Weiterbildung respektiv der Requalifikatioun.

Här President, mir hunn an de leschte Jore gesinn, dass d'Rechne vum PIB u seng Limitte stéisst. Et ass immens ofhängeg vun der Methodologie, déi benotzt gëtt, virun allem well viles dovunner ofhänkt, wéi d'Operatiounen vu grousser Multinationale kontabiliséiert ginn. Fir d'Joer 2017 war de Wuesstum vun engem Moment op deen anere vun 2,3 % op 1,5 % revidéiert ginn, ouni dass sech un der reeller Wirtschaftssituatioun eppes geännert hätt.

Dëst féiert dozou, dass de PIB sech lassléist vun anere makroekonomesche Gréissten. Dat mécht d'Lektür vun der wirtschaftlecher a finanzieller Situatioun vum Land net méi einfach fir d'Observateuren an och fir eis Deputéierter.

An deem Kontext begrëssen ech d'Beméiung vum Statec, sech fir e Service „large case unit“ anzusetzen, fir sech där Fro do unzehuelen.

De PIB wäert net ersat ginn. Mir brauchen de PIB, och well sech eng ganz Partie Donnéeë vum PIB ofleeden. De PIB gëtt no europäesche Reegelen gerechent a moosst d'Valeur ajoutée vun den Aktivitéiten, déi op eise Territoire stattfannen. De Problem ass duerfir net de PIB u sech! De Problem ass, dass d'Erwaardungen, déi un de PIB gestallt ginn, wäit iwwert dat erausginn, wat en eis soe kann.

Am September 2009 huet de Rapport vun der Commission sur la mesure des performances économiques et du progrès social, méi bekannt ënnert dem Numm Commission Stiglitz, folgendes festgehalen: « Il semble souvent exister un écart prononcé entre, d'une part, les mesures habituelles des grandes variables socio-économiques comme la croissance, l'inflation, le chômage, etc., et, d'autre part, les perceptions largement répandues de ces réalités. » Dëst trifft et op de Punkt.

Wat de PIB eis net soe kann, dat ass, wéi et ëm d'Liewensbedingunge vun de Leit bestallt ass. Zanter enger Rei vu Jore gëtt kontrovers dorüwer diskutéiert, ob Lëtzebuerg soll weider kënnen wuessen oder net. Déi Diskussioun gëtt vu politescher Säit dacks net mat deem néidege Seriö gefouert. Vläch ass d'Fro och méi komplex. D'Fro ass net, ob mir Wirtschaftswuesstum wëllen oder net wëllen. Mir liewe jo net an enger Planwirtschaft! Kloer ass awer, dass Wuesstum kee Selbstzweck dierf sinn. D'Politik ass derfir do, d'Jalonen esou ze setzen, dass de Wuesstum jiddwerengem zeguttkënnt.

Mir müssen et mat eise Wuesstum fäerdegbréngen, d'Ongläichheeten tëschent de Leit erofzedrécken an esou en inklusiven Wuesstum ze hunn. Brénge mir et net fäerdeg, alle Bierger am Land e Liewen an Dignitéit ze erméiglechen, da wäerten der ëmmer méi de Kapp rëselen, wa se héieren, de PIB wier eropgaangen, awer perséinlech fillen, dass et nom Bezuele vum Loyer och dës Mount erëm knapps gëtt.

► **Mme Josée Lorsché** (d'gréng). - Très bien !



► **M. Yves Cruchten** (LSAP), *rapporteur*. - Et geet hei och ëm d'Vertrauen, dat d'Bierger kënnen eisen Institutionen entgéintbréngen. Mir mussen als Gesellschaft eng Diskussioun driwwer féieren, wat fir eis d'Kärelementer vun enger gesonder, glécklecher Gesellschaft sinn, déi gutt funktionéiert an an där jiddweree seng Plaz huet.

Wa mir eng Äntwert op dës Fro hunn, wa mir also eis Prioritéite fir d'Gesellschaft definéiert hunn, da mussen mir eis och d'Méiglechkeet ginn, en Indicateur ze hunn, dee Joer fir Joer moosse kann, ob mir eis op déi Prioritéiten zoubeweegen oder eeben dovunner ewechkommen.

An der wëssenschaftlecher Literatur huet d'„welfare economics“ seng Plaz ageholl. Dem Adam Smith seng Theorie vun der „invisible hand“ huet méttlerweil 260 Joer um Bockel. Dass et der Gesellschaft automatesch besser geet doduerch, dass deen Eenzelne probéiert, säi Profitt ze maximéieren, dorunner géif den Adam Smith haut warscheinlech emol net méi selwer gleewen. D'Wëssenschaft huet evoluéiert, mee d'Politik ass do warscheinlech nach e bëssen hannendran.

D'Cour des comptes huet eis an hirem Avis un d'Häerz geluecht, d'Beispill vun Neuseeland méi genee ze analyséieren. An et war effektiv de Fall vun Neuseeland, dee mech derzou verleet huet, dës Sujet erauszeseichen. Neuseeland huet den 30. Mee dëst Joer e Budget virgestallt, deen esou munches op d'Kopp gestallt huet. Dréi- an Aangelpunkt ass d'Wuelbefannen. E fousst op sechs politesche Prioritéiten, dorënner d'Lutte géint d'Kanneraarmut an d'Verbessere vun der mentaler Gesondheet vun de Leit an esou weider.

Am Virfeld sinn interministeriell Komiteeen zesummekomm, fir Mesuren auszeschaffen am Sënn vun deene sechs Prioritéiten, also eng transversal Approche. Et goufe chiffriert Objektiv festgeluecht, fir an deene sechs Prioritéite mëttelfristeg weiderzekommen. D'Budgetsartikele sinn net a Fonctioun vu Ministère ventiléiert, mee a Fonctioun vu Politikfelder opgestallt. Dat ass eng interessant Approche. Wat konkret dobäi erauskënnt, dat muss sech nach weisen.

A sengem Rapport fir de Budget 2006 ass de Roger Negri deemools agaangen op de Modell vun der Loi organique relative aux lois de finances a Frankräich, d'LOLF. D'LOLF huet probéiert, de Budget manner ze fragmentéieren. Si huet Nomenclature reforméiert, d'Architektur no „mission - programme - action“ deklinéiert. De Bilan ass awer mitigéiert. Sécher ass awer: Mir mussen et och zu Lëtzebuerg fäerdegbréngen, vun enger Logique des moyens op eng Logique des résultats ze kommen.

Bei der Lektür vum Roger sengem Rapport ass mer folgend Zitat opgefall, dat och schonn en anere Rapport benotzt huet an dat haut nach ëmmer seng Richtegkeet huet. An ech wëll lech dat och net virethalen: « Le Gouvernement fait le budget, la Chambre des Députés vote le budget, et la procédure budgétaire continue de s'apparenter à “une visite du château de Versailles : à pas accéléré et avec l'interdiction de toucher à quoi que ce soit”. »

Här President, am Laf vu menger Analys hunn ech festgestallt, dass bei ville gängegen Indicateure Lëtzebuerg net esou schlecht ofschneit, wann een un der Uewerfläch bleift. Wann een déi Indicateuren allerdéngs op vulnerabel En-

nerkategorien an eiser Gesellschaft, zum Beispill d'Famille monoparentale oder de Locataire um Privatmarché, uwennt, dann entsteet e ganz anert Bild vun eisem Land.

Als Konklusioun wëll ech Follgendes festhalen: Mir mussen net alles nei erfannen. Mir mussen eis net alles aus de Fangere suckelen. Bei mengen Entrevuen hunn ech festgestallt, dass mir zu Lëtzebuerg exzellent Institutier a Chercheuren am Land hunn, eng Matière grise, déi eis Opschloss ka ginn iwwert dat, wat an dësem Land viru sech geet. Mir hunn allerdéngs als Politik nach net de Reflex, fir déi Informatiounen méi a besser ze notzen. Dorunner kënnen mir alleguerter schaffen.

Ech denken, mir sollten dem Stateg d'Moyene ginn, fir a Kollaboratioun mam Conseil supérieur du développement durable an dem Conseil économique et social en neien Indicateur vum PIB du bien-être opzestellen, deen idealerweis kéint all Joers gemooss ginn, parallel zum klassesche PIB, fir dass mer iergendwann eng Kéier mat guddem Gewëssen an zu Recht kënnen behapten: „Well et eisem Land gutt geet, geet et och eise Bierger gutt.“

Ofschlësse wëll ech natierlech mat e puer Mercien. Ech fänken u mat engem Merci un de Finanzminister Pierre Gramegna a seng Mataarbechter. Am Ufank vu menger Ried hat ech schonn all deene Merci gesot, déi bereet waren, mech während menge Recherchen ze gesinn. Ech hätt der nach gäre vill méi gesinn, mee wéi esou dacks gëtt um Enn d'Zäit awer knapps.

E grouse Merci natierlech un d'Chamberverwaltung an do virop un d'Madamm Guezennec, d'Sekretärin vun der Kommissioun. E Merci och un de President vun der Finanzkommissioun,

den André Bauler, fir seng Gentillesse a fir déi reegelméisseg gutt Rotschléi, déi e mer ëmmer mat op de Wee ginn huet. E ganz grouse Merci och un eis Mataarbechter an der Chamberfraktioun an do ganz besonnesch de Patrick Weymerskirch, dee mer vill gehollef huet, fir dës Rapport op d'Been ze stellen.

A wann ech scho bei deem ganz Besonnesche sinn a well ech dozou vläicht net méi d'Geleeënheet kréien, dat ëffentlech hei ze soen: e grousen, jo, e ganz grouse Merci u mäi Fraktiounschef, den Alex Bodry, fir all seng Ennerstëtzung an de leschte Joren!

(Exclamations)

Alex, du bass fir vill Leit, net nëmme fir mech, e Virbild als Deputéierten. An dat Haus hei wäert dech staark vermessen, dovunner sinn ech ganz fest iwwerzeegt!

Zu gudder Lescht wëll ech lech alleguerter heibannen nach Merci soen, dass Der mer d'Chance ginn hutt, dës Rapport hei ze preparéieren. Dat war fir mech eng aussergewöhnlech Erfahrung an déi wëllt ech net méssen. Ech soen lech Merci fir d'Gedold a fir d'Nolauschteren.


► **Plusieurs voix**. - Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Budgetsrapporter, dem Här Yves Cruchten.

Muer um aacht Auer héiere mer den Exposé vum Finanzminister, dem Här Pierre Gramegna. Domat si mer um Enn vun der Sëtzung vun haut ukomm.

D'Sëtzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 15.34 heures.)



SÉANCE 14

MERCREDI
18 DECEMBRE 2019

Présidence : M. Fernand Etgen, Président • M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

Sommaire

- Ouverture de la séance publique
- M. Fernand Etgen, Président
- 7500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2020 et modifiant :
 - 1° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;
 - 2° la loi du 27 juillet 1938, portant création d'un fonds de réserve pour la crise ;
 - 3° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;
 - 4° la loi modifiée du 10 mars 1969 portant institution d'une inspection générale des finances ;
 - 5° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;
 - 6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs ;
 - 7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant
 - a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;
 - b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;
 - c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;
 - 8° la loi électorale du 18 février 2003 telle que modifiée ;
 - 9° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;

- 10° la loi modifiée du 29 avril 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 ;
- 11° la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;
- 12° la loi du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile ;
- 13° la loi du 10 août 2018 portant organisation de l'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA (suite)
et
7501 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2019-2023 (suite)
- Exposé : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
- 7500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2020 et modifiant [...] (suite)
et
7501 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2019-2023 (suite)
- Discussion générale : Mme Martine Hansen (dépôt des motions 1 et 2) (interruption par M. Mars Di Bartolomeo) - M. Eugène Berger (interventions de Mme Octavie Modert et M. Gast Gibéryen) - M. Alex Bodry (interventions de Mme Nancy Arendt épouse Kemp, M. Claude Wiseler et M. André Bauler) - Mme Josée Lorsché

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; M. Romain Schneider, M. Pierre Gramegna, M. Dan Kersch, Mme Corinne Cahen, M. Marc Hansen, Mme Sam Tanson, Mme Taina Bofferding et M. Lex Delles, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 08.02 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Ech maa-chen d'Sëtzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maa-chen?

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, Ministre de la Sécurité sociale*. - Nee, Här President.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Mir héieren elo den Exposé vum Här Finanzminister Pierre Gramegna iwwert de Staatsbudget fir d'Joer 2020 an iwwert d'Programmation financière pluriannuelle. Här Finanzminister, Dir hutt d'Wuert.

2. 7500 Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2020 et modifiant :

- 1° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;
- 2° la loi du 27 juillet 1938, portant création d'un fonds de réserve pour la crise ;

3° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

4° la loi modifiée du 10 mars 1969 portant institution d'une inspection générale des finances ;

5° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;

6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs ;

7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant

a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;

b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;

c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;

8° la loi électorale du 18 février 2003 telle que modifiée ;